## Scheusal der Woche

*DNF 296*

**Camille Schluder**

**Ein Jägermeister von echtem Schrot und Korn**

**Nachdem vergangene Woche ein sogenannter Jagdunfall landesweit etwas Verwirrung gestiftet hatte, pirschte sich ein DNF-Reporter, einmal mehr in seine bewährte kugelsichere Weste gehüllt, am Wochenende im morgendlichen Nebel in das Revier des obersten Jagdherrn des ehemaligen *Département des Forêts*. Da ihm die zahlreichen Schüsse, die auf ihn abgefeuert wurden, dank der vestimentären Prophylaxe nichts anhaben konnten, gelangte er unversehrt zu jenem vereinshöchsten Hochsitz, auf dem der Präsident der *Fédération des Chassseurs* ihm leutselig ein Interview gewährte.**

***DNF:*** *Herr Schluder, vergangene Woche sahen wir im Kack-Elei, wie Sie sich - nach dem „Jagdunfall" auf der Brideler Pineta - souverän und so richtig nach Gutsherrenart jedwede Kritik am hiesigen Jagdrecht verbaten. Das hat uns derart imponiert, dass wir Sie in Ihrer Eigenschaft als Präsident der 'Fédération des Chasseurs Luxembourgeois' hier noch einmal persönlich zu Wort kommen lassen wollen.*

**Camille Schluder**, mit rauchender Flinte**:** Tiens. Ech hätt geschwuer, Dir wäert e Wëldschwäin. Oder en Hirsch. An Dir lieft nach? Mä wann Der schon emol hei sidd, da wëll ech vun dëer Geleënheet profitéieren, fir nach eng Kéier ze betounen, dass op deër Klappjuegd nët dee geringste Fehler geschitt ass. Eis Kollege vum Bridel hunn sech guer a glat näischt virzewerfen, am Géigendeel...

***DNF:*** *Frau Poncelet, die noch immer eine Kugel im Leib hat, sieht das aber ein wenig anders.*

**Camille Schluder:** Ech verstinn einfach nët, wat déi Damm gär hätt. Dee Jeër, dee geschoss huet, hat d'Situatioun voll am Grëff. Vun engem Fehler ka guer keng Rieds sinn.

***DNF:*** *Die Frau wurde schließlich schwer verletzt. Und da soll niemand schuld sein?*

**Camille Schluder**: Pfftt. Wësst Der, an esou engem Fall läit d'Responsabilitéit ganz eleng bei der Kugel. Wee weess da schon, wann en oofdréckt, ob déi Kugel dohi flitt, wou heen se geschéckt huet? Déi betreffend Kugel huet wahrscheinlech ënnerwee e Caprice gemaach, si ass mat enger Bamwuerzel oder mat engem Steen zesummegestouss an huet sech dunn a sougenannt 'Projektilsplitter' verwandelt. An duerno kéint et eventuell esou gewiecht sinn, dass déi Damm vun engem harmlose klenge Splitter e bësse geheemelt gin ass. Dat ass en Incident, oder méngetwegen och e klengen Accident, wéi der all Dag Honnertdausende geschéien. Doriwwer dierft een nët emol e Wuert verléieren.

***DNF:*** *Indes, das Opfer hat klar und deutlich ausgesagt, es sei von zwei Schüssen getroffen worden. Sie habe furchtbare Angst bekommen und geschrien, die Jäger sollten endlich aufhören zu schießen. Die hätten aber überhaupt nicht reagiert und seien dann einfach weggegangen. Nennt man sowas nicht 'Non-assistance à personne en danger'?*

**Camille Schluder:** Pfffhhh**.** Déi Damm ass e bësse piepeg. An si huet och keng Ahnung vun der Juegd. Esou Leit dierften eigentlech guer nët matschwätzen. Äusserdeem huet se de Jeër Frechheete gemaach. Do sinn d'Jongen eben hirer Wee gaang. Wat hätten se da soss vläicht sollte maachen? Nach eng Kéier schéissen?

***DNF:*** *Es heißt, die Treibjagd sei nicht ausgeschildert gewesen.*

**Camille Schluder:** Et stoungen iwwerall Schëlter. A wann déi Damm behaapt, op hirem Wee hätt keent gestanen, da fannen ech dat e bësse louche. Ech froe mech, ob si d'Schëld nët aus purer Expressechkeet selwer ewechgeholl huet.

***DNF****:* Nach Ihrem TV-Auftritt und nach unserem Bericht vom vergangenen Freitag hat uns ein Leser eine E-Mail geschickt. Ich zitiere: *„Ech hu gëschter den Här Studer, President vun de Jeër, op dem Hei-Elei gesinn de Jeërstand a Schutz huelen. Ech wollt dozou bemierken, dass exact virun 20 Joer (Summer 1979) den Här Studer op der Pineta e Warnschoss a Richtung vu mengem Kolleg a mir selwer ofgin hat, wéi mir géint der Owend (et wor nach hell) ze no bei säin Héichsëtz koumen.*

*D'Kugel ass zirka 10 Meter virun eis am Feld ageschloen. Hee wor zirka 50-100 Meter vun eis ewech. Mir hate 17 Joer.“*

**Camille Schluder:** Ech hu mech do total korrekt verhalen. Déi zwee Schnuddler solle frou sinn, dass et deemools nëmmen e Warnschoss war!

***DNF:*** *Herr Schluder, dieser Tage wurde in Luxemburg ein Buch veröffentlicht, in dem es heißt, dass - ich zitiere - ‘die Jagd, so wie sie gegenwärtig in weiten Teilen Europas ausgeübt wird, dem Schutz von Natur und Wildtieren nicht gerecht wird und als das betrachtet werden muss, was es letztendlich ist: eine eigennützige, gefährliche und grausame Freizeitbeschäftigung, die den Gegebenheiten und dem Wissen einer demokratischen, zivilisierten und humanistischen Gesellschaftsordnung dringend angepasst werden muss.’*

**Camille Schluder:** Déi Toz, déi esou Dommheete verzaapt, huet keng Ahnung vun Tuten a Blosen. A wee soll esou e Quatsch iewerhaapt liesen? Ech ganz bestëmmt nët, an d’Jongen aus méngem Verband och nët, do kënn’ Der Gëft drop huelen. Ech kenne kee Jeër, dee je e Buch gelies huet. A wann, da flitt en direkt aus der Féderatioun. Ech hale wuel jo. Dat eenzegt, wat mir liese kënnen, dat si Spuren. An dat geet och déck duer.

***DNF:*** *Herr Schluder, wir danken Ihnen für dieses Gespräch und wünschen Ihnen auch weiterhin gut Schuss.*

**Camille Schluder:** Waidmannsdank.

***Interview: Hugo Habicht***